N°7063
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den IRM-Apparat an enger privater Dokteschpraxis um Potaschbierg huet scho fir vill Diskussioune gesuergt. Mir ass zougedroe ginn, dass d'Qualitéit vun de Biller vum genannten IRM awer qualitativ deels mannerwäerteg solle sinn, soudass Spideeler selwer nach eng Kéier en IRM géife maache loosse fir qualitativ méi däitlech Biller ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Entspriechen dës Gerüchter der Wourecht a sinn d'Biller vum IRM-Apparat um Potaschbierg qualitativ ze mannerwäerteg fir eng richteg oder sécher Diagnosen ze stellen?
2. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, ass déi qualitativ mannerwäerteg Bildqualitéit dorop zréck ze féieren, dass den IRM-Apparat technesch net méi um neiste Stand ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten